ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Vill Leit, déi kuerzfristeg mam Fliger verreese wëllen, hunn am Moment Probleemer fir mat Zäit en entspriechenden Antigen- oder PCR-Test ze kréien. Dëst, well d'Apdikten, d'Laboen an och déi entspriechend Teststatioun no der Erfarung un hir Kapazitéitsgrenz stoussen, wärend gläichzäiteg eng Rei informatesch Probleemer optrieden, déi d'Veraarbechtung vun der Demande nach méi schwéier maachen. Wa kee gëltegen Test virläit, bleift de Leit näischt anescht iwwereg, wéi de Fluch ofzesoen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär des Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister dës Informatioune confirméieren? Wa jo, wéi gedenkt si dorop ze reagéieren?
2) Wéi eng Reegele gëllen um Fluchhafen bis de 14.09. an der Hypothees, datt déi aktuell Propositioune vun der Regierung esou vun der Chamber akzeptéiert ginn an als Gesetz gestëmmt ginn? Gëtt d'Regierung eng kloer Instruktioun eraus an där all Leit déi wëlle mam Fliger reesen genee gesinn wéi eng Zertifikater oder Tester si brauchen an a wéi enger Form si déi musse kënnen dokumentéieren?
3) No mengen Informatiounen ass et och scho virkomm, datt eng iresch Lowcost Airline Passagéier de Fluch vum Findel aus verweigert huet, well si net geimpft waren. Sinn d'Dispositioune vum 3G fir d' Fluchgesellschaften am Sënn vun enger Maximalrestriktioun gesetzlech verpflichtend, oder dierfen si doriwwer raus, nach eegen, zousätzlech Aschränkunge fixéieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten